N°4561
Entrée le 03.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 3. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden:

„No de rezenten Donnéeën zur Aarbechtslosegkeet an zur Entwécklung um Aarbechtsmarché ass festzestellen, datt de Chômagetaux nees liicht geklommen ass, trotz dem Fait, datt d'Unzuel vun den Aarbechtsplazen och an d'Luucht gaangen ass. Hei kéint ee sech d'Fro stellen wéi sech dës Entwécklung an den nërdleche Regioune vu Lëtzebuerg widderspigelt.

An deem Kader wollt ech dem Här Aarbechtsminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Aarbechtsplazen ginn et aktuell an de Kantone Clierf, Wolz a Veianen?
- Wéi eng Beruffer zielen an deenen dräi Kantonen aktuell zu de Beruffer *en pénurie*, dat heescht, bei deenen d'Nofro vun de Patronen am stäerksten ass?
- Wéi huet sech de Chômage déi lescht Méint an dëse Kantonen entwéckelt? Wa méiglech, opgeschlësselt no den Aktivitéitssecteuren.
- A wéi enge Beruffssparten ass de Chômage hei am héchsten?
- Wéi ass dëse Chômagetaux mat den nationalen Zuelen ze vergläichen?
- Wéi huet sech de Jugendchômage an den dräi Kantonen am selwechten Zäitraum entwéckelt?
- Wéi ass de Jugendchômage mat den nationalen Zuelen ze vergläichen?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu